



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
29 OCT. 2019

Luxembourg, le 29 OCT. 2019

Service central de législation
Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Question parlementaire n°1256 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°1256 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable,


Carole Dieschbourg

Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung op d'parlamentarësch Fro n°1256 vum 26. September 2019 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser

Den honorabelen Deputéierten zitíiert als Kontext vu senger Froen eng Journalistin, déi hirersäits eng Deputéiert zitíiert. Souwäit sech d'Froe vum honorabelen Deputéierten op den Hannergrond oder d'Bedeutung vun dësen Zitater bezéien, wier et ubruecht d'Froen direkt un déi betraffe Persounen ze riichten.

1) Huet d'Madame Minister, ee vun hire Beamten oder eng vun hire Verwaltungen, speziell d'ANF, zu iergend engem Zäitpunkt ëffentlech bekannt gemaach datt si eng Enquête zu dem Themekrees mécht an zu wéi engem Zäitpunkt dëst gemaach gouf («avant même que l'affaire n'apparisse dans les médias»)? Wa jo, a wéi engem Kontext an op wéi enger rechtlecher Basis?

Am Zesammenhank mat dem Zeitungsartikel, deem den Här Deputéierten zitíiert huet, ass ze soen, dat d'Entité mobile vun der Natur- a Bëschverwaltung, déi am Beräich vun den Enquëten direkt dem Parquet ënnersteet, sech selwer mat deem Dossier befaasst huet.

Iwwert den Inhalt oder de Fortschrëtt vun enger Enquête, déi ënnert d'Kompetenz vum Parquet fält, ass et alleng um Parquet ze decidéieren wéini a wéi kommunizéiert gëtt.

Ech erënneren hei un de Communiqué vum Parquet vum 18. September 2019, un de Communiqué vum Parquet vum 2. Oktober 2019, souwéi u meng Pressekonferenz vum 30. September 2019.

2) Wann net, huet d'Madame Minister zu iergend engem Zäitpunkt Informatiounen iwwer esou eng intern Enquête u Membere vun der Partei „déi Gréng“ viru ginn? Wa jo, opgrond vu wéi enger rechtlecher Basis?

Nee.

3) Wann net, huet d'Madame Minister eng Denonciatioun beim Parquet gemaach, respektiv Disziplinarverfahren ageleet wéinst Verletzung vum Déngschtgeheimnis?

Et gëtt keen Ulass fir een Disziplinarverfahren wéinst Verletzung vum Déngschtgeheimnis. Dem Här Deputéierten seng Spekulatione sinn onbegrënnt.